N°4252
Entrée le 13.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4252 vum 17. Juni 2026 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet a senger parlamentarescher Fro no zousätzlechen Informatiounen zum aktuelle Status vum Projet vun der Ëmgeeungsstrooss vun Dippech.

Ier ech op dem Deputéierten seng Froe wäert agoen, erlaben ech mir awer, den Här Deputéierten op meng Äntwert op d’parlamentaresch Fro Nummer 3789 vum 18. Mäerz 2026 ze verweisen.

Fro 1: Stëmmt et, dass de Mobilitéitsministère bereet ass, fir op ee Contournement fir Dippech als Prolongement zum Contournement Käerjeng ze verzichten?

D’Ëmgeeungsstrooss vun Dippech ass am nationale Mobilitéitsplang PNM 2035 am Korridor N5/CFL70 als “Contournement de proximité” virgesinn. An dësem Kontext ass geplangt, datt d'Nationalstrooss N5 hir Bedeitung als radial Verbindungaachs a Richtung Stad Lëtzebuerg verléiert. Soumat soll den Transitverkéier aus dem Südweste prioritär iwwer den Autobunnsreseau A13–A4 geleet ginn, fir esou d’Verkéiersbelaaschtung op der N5 ze reduzéieren.

Dës Virgoensweis entsprécht och dem Grondkonzept vun der Ëmgeeungsstrooss vu Käerjeng, déi als “Contournement de proximité” konzipéiert ass, an net als klassesch Ëmgeeungsstrooss am Sënn vun enger “Liaison rapide” fir den Transitverkéier realiséiert gëtt. Konsequenterweis gouf schonn am PNM 2035 festgehalen, d’Ëmgeeungsstrooss vun Dippech net méi als direkt Verlängerung vun der Käerjenger Ëmgeeungsstrooss virzegesinn, mee als en eegestännege Verkéiersprojet mat enger virun allem lokaler Funktioun.

Fro 2: Stëmmt et, dass esou eng Ufro vum Dippecher Schäfferot gestallt ginn ass? Falls jo, ass dës Ufro formell gestallt ginn a falls jo, wéini?

De Variantevirschlag am Sënn vun engem “Contournement de proximité” gouf am Kader vun enger gemeinsamer Reunioun tëscht dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Schäfferot vun Dippech am Februar 2026 diskutéiert. Doropshin ass d'Stroossebauverwaltung aktuell domat befaasst déi éischt virleefeg Etüden auszeschaffen.

D'Envergure vun dësem Projet ënnerscheet sech grondsätzlech vun där vun enger klassescher Ëmgeeungsstrooss. Eng Infrastruktur vun esou engem Ëmfang wier mat wesentlech méi bedeitenden Auswierkungen op d'Ëmwelt verbonnen, a géif deementspriechend och wesentlech méi héich Ufuerderungen un d'Ëmweltetüden, d'Planifikatiounsprozeduren an d'Ëmsetzung vun den néidege Kompensatiouns-a Begleetmoossname stellen.

Déi aktuell favoriséiert Approche entsprécht deemno däitlech besser den Ziler vun der moderner Verkéiers- a Mobilitéitsplanung. Si dréit gläichzäiteg de Fuerderunge vum Klima- an Ëmweltschutz besser Rechnung, well se net op eng Erhéijung vun der Attraktivitéit vun der Nationalstrooss N5 ofzielt. Zousätzlech ass de Flächen- a Ressourcëverbrauch däitlech méi limitéiert a mécht nëmmen e Brochdeel vun deem aus, wat fir eng klassesch Ëmgeeungsstrooss vu groussem Ëmfang noutwenneg wier.

Et ass deemno kloer, dat d'Achs vun der Nationalstrooss N5 tëscht Käerjeng a Lëtzebuerg an hirer Funktioun am nationale Stroossereseau erofgestuuft gëtt. Dëst kënnt schonn doduerch zum Ausdrock, dat d'Ëmgeeungsstrooss vu Käerjeng an d'Planungskategorie vun engem "Contournement de proximité" agestuuft gouf an domat op manner exigent Entworfsparameteren zeréckgräift.

Virun dësem Hannergrond wier d'Realisatioun vun enger klassescher Ëmgeeungsstrooss fir Dippech, mat Entworfsparameteren, déi enger méi héijer Planungskategorie entspriechen, net méi am Aklang mat de Grondsätz an den Orientéierunge vun der am PNM 2035 definéierter Verkéiers- a Mobilitéitsplanung. Esou eng Approche géif deemno weder der virgesinner Roll vun der N5, nach den aktuellen Ziler am Beräich vun der Mobilitéit, dem Klima- an dem Ëmweltschutz Rechnung droen.

<u>Fro 3: Falls déi vireg Froen affirméiert kënne ginn, bedeit dat, dass Dippech kee Contournement kritt, deen un dee Käerjenger Contournement ugeschloss gëtt?</u>

Mat Verweis op d'Äntwerten op d'Froen 1 an 2 entfält dës Fro.

<u>Fro 4: Zu wéi engem Zäitpunkt gouf am Mobilitéitsministère eng Decisioun getraff , fir op eng Ëmgéiungsstrooss fir Dippech als Prolongement vum Contournement vu Käerjeng ze verzichten, de Projet unzepassen oder en net weiderzeverfollegen?</u>

Mat Verweis op d'Äntwerten op d'Froen 1 an 2 entfält dës Fro.

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2026
D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes